

kuerz & knapp.

WÄIMOUNT №5·20

— TENUTO

Artikuss x Artists
Residency

HOMEOFFICE

E Pilotprojet
an eiser Gemeng

RENTRÉE

Kannercampus an
nohalteg Gourden

GUSTOSO!

Entdeckt den
algeeresche Couscous

■ BIELES

■ EILERENG

■ SUESSEM

■ ZOLWER





MAGAZIN.

6 **Kannercampus**

Eng Punktlandung

10 – **(tenuto)**

Artikuss x Artists Residency

14 **Europäesch Mobilitéitswoch**

18 **Gustoso!**

Découvrez le Couscous de Aïn Sefra

22 **Home sweet home office**



INFORMATIOUNSBLAT.

27 **Sitzung 10.07.20**

kuerz & knappt.

WÄIMOUNT №5·20



GEMENG SUESSEM

60, rue de la Poste L-4477 Belvaux T (+352) 59 30 75 - 1
mail@suessem.lu www.suessem.lu
fb/gemengsuessem **instagram/gemengsuessem**

IMPRESSUM

Redaktioun, Konzeption & Fotoen

Service des Relations publiques et de la Culture

Stéckzuel **7.500 Exemplairen**

Bieles, September 2020



VIRWUERT.
ÉDITORIAL.

L

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Et ass sécherlech een aussergewéinlecht Joer, dat elo a säi lescht Trimester geet an awer musse mir eist Bescht ginn, fir erém eng Grëtz Normalitéit an eisen Alldag ze kréien. Mat der gutt organiséiter Rentrée an der Ouverture vum neie *Kannercampus* um Belval ass eis dat sécherlech zu engem gewësse Grad gelongen. Natierlech hätte mir dësen innovativen a prestigiéise Projet gäre mat lech alleguerten ageweit, mee meng Hoffnung bleibt, dass mir dëst iergend-wann zesummen nohuele können. Och am Artikuss ass d'Liewen an deene leschte Méint zum Stëllstand komm. Mat Residenze fir jonk talentéiert Museker, hu mir awer vun dëser Period profitéiert fir eisem Kulturhaus eng weider Facette ze ginn.

Déi national Mobilitéitswoch an d'*Semaine de la Santé mentale* sinn a bleiwen och a Corona-Zäiten ee feste Bestanddeel vun eisem Kalenner. Dat Selwecht soll och fir de Wanterfeeling Mëtt November gëllen, wou mir alles an d'Veeeér leede fir dass dëst Evenement, am Respekt vun den aktuelle Recommandatiounen, ka stattfannen. An dëser Editioun vum *kuerz&knapp*, gitt Dir och méi iwwert de Pilot-Projet ëm den Teletravail gewuer, an am *Gustoso!* léiert Dir déi algeeresch Kiche kennen. Ofschléissend soen ech lech villmools Merci, dass Dir beim *Télévie* an der Maskeverdeelung op en neits esou vill Häerz a Solidaritéit gewisen huet.

Är Buergermeeschtesch/Votre bourgmestre,
Simone Asselborn-Bintz

F

Chères concitoyennes, chers concitoyens,

En voilà une année extraordinaire qui aborde son dernier trimestre, et nous devons malgré tout faire de notre mieux pour arriver à une certaine normalité dans notre vie quotidienne. Une rentrée des classes sans accroc et l'ouverture du nouveau *Kannercampus* au Belval en sont la preuve. Il va de soi que nous aurions préféré inaugurer ce projet innovatif et prestigieux ensemble avec notre population, mais j'ai bon espoir que nous puissions rattraper cette manifestation dans un avenir proche. L'*Artikuss* non plus ne fut pas épargné par la pandémie. En aménageant des résidences pour de jeunes et talentueux musiciens, nous avons profité de cette période pour ajouter une nouvelle facette à notre salle de spectacles.

La *Semaine nationale de la Mobilité* et la *Semaine de la Santé mentale* restent partie intégrante de notre calendrier. Il en est de même pour le *Wanterfeeling* à la mi-novembre où tout effort sera fait pour garantir une organisation dans le respect des directives sanitaires en cours. Dans cette édition du *kuerz&knapp*, vous apprendrez davantage sur le projet pilote autour du télétravail et enfin la rubrique *Gustoso!* vous fera mieux connaître la cuisine algérienne. Je voudrais conclure en vous remerciant très chaleureusement pour votre solidarité et de votre empathie à l'occasion du *Télévie* et lors de la distribution des masques sanitaires.



35

SPILLPLAZEN.
AIRES DE JEUX.





L

Gutt ze wëssen

Déi nei Spillplaz hannert der Schoul Scheierhaff, déi dëse Summer installéiert gouf, ass méttlerweil schonns déi 35. an eise véier Uertschaften. Sämtlech Spillplaze gi reegelméisseg vum Service Technique kontrolléiert a wann néideg och gefléckt. Am Fréijoer 2021 wäert de Compteur dann op 36 sprangen, wann am Park *Um Belval* déi éischt grouss Spillplaz fir Kanner à mobilité réduite wäert opgoen.

F

Bon à savoir

Avec la réalisation de la nouvelle aire de jeux dans la cour de récréation de l'école Scheierhaff cet été, notre commune en compte désormais 35 à travers nos quatre localités. Celles-ci sont contrôlées de manière régulière par le Service Technique et réparées le cas échéant. Au printemps 2021 cette offre sera encore étendue au parc *Um Belval* avec l'installation d'une plaine de jeux accessible aux enfants à mobilité réduite.

KANNERCAMPUS UM BELVAL.

Eng Punktladung.



De Kanner-campus ass méi
wéi just Schoul
a Maison Relais

L De 15. September hunn 237 Schüler a Schülerinnen um fonkelnie Kannercampus um Belval hir Rentrée gefeiert.

Nieft de Schüler, dem Léierpersonal an den Educateuren aus Crèche a Maison Relais, sinn aktuell awer och nach vill Aarbechter um Campus énnereewee. De Baustopp während dem Covid-19 huet dozou gefouert, dass bis ewell just een Deel vum knapp 60 Mio. € deierte Projet fäerdeggestallt ass. D'Delila Schroeder, Presidentin vum Schoulcomité betount, dass net némme fir d'Schüler alles nei ass, mee och fir d'Léierpersonal: **“Dënschdes ass d'Schoul ugaangen, mee eréischt méindes**

hunn d'Enseignanten hier Säll konnte prett maachen. Och si musse sech elo mol zurecht fannen.” D'Aarbechte ronderém d'Klassesäll si mat enger Punktladung fäerdegg ginn. Nom Stress vun den éischten Deeg gewinne sech bén Parteien awer esou lues un déi modern Infrastrukturen, déi engem vun de grésste Bauprojete vun der Gemeng Suessem ugehéieren. Mam neie Kannercampus ass och e Pilotprojet an der Gemeng lancéiert ginn: D'Personal aus dem formalen an dem non-formale

Beräich schaffen Hand an Hand zesummen a stëmmen déi eenzel Aarbechtsschrëtt am Campuscomité of. D'Delila Schroeder erklärt: **“D'Zil ass et d'Aarbechte vum Personal aus Schoul a Maison Relais esou anenee verlafen ze lossen, dass d'Kanner an hirer Entwicklung op e Maximum kënne geférdert ginn.”** D'Projeten aus der Schoul wäerten also an der Maison Relais wieder gefouert ginn, woumat de Kannercampus méi ass wéi just Schoul a Maison Relais.



F

Le 15 septembre fut la rentrée scolaire pour 237 élèves sur le tout nouveau Kanner-campus au Belval.

Outre les élèves, les enseignants et les éducateurs de la crèche et de la Maison Relais, de nombreux ouvriers se trouvent toujours sur le campus. L'arrêt des travaux pendant le Covid-19 a provoqué des retards de finition. D'Delila Schroeder, présidente du comité d'école, souligne que non seulement les élèves, mais également le corps des enseignants devra encore trouver ses repères : **« L'école a commencé le mardi et ce n'est que le lundi que les enseignants ont pu préparer leurs salles de classe. »** Après le stress des premiers jours, les deux parties commencent à s'habituer aux belles infrastructures qui appartiennent à l'un des plus grands projets de construction de la Commune de Sanem. Le Kannercampus, dans toute sa splendeur ouvrira toutes ses portes en 2021.

Le nouveau campus est également un projet pilote dans la commune : les secteurs formels et non formels travaillent main dans la main et les différentes étapes de travail sont coordonnées au sein du comité du campus. Delila Schroeder explique : **« L'objectif est de combiner le travail du personnel de l'école et de la Maison Relais de manière à ce que les enfants puissent être encouragés au maximum dans leur développement. »**

Les projets de l'école seront donc poursuivis dans la Maison Relais, ce qui signifie que le Kannercampus est bien plus qu'une école et une Maison Relais.



D'Delila Schroeder, Presidentin vum Schoulcomité betount, dass och fir d'Léierpersonal alles nei ass.



IWWERREECHUNG VUN DE GOURDEN. REMISE DES GOURDES.

Zero Waste an der Schoul.



L

Um Méindegmetteg, 21. September 2020, huet de Schäfferot vun der Gemeng Suessem enger Klass aus der Schoul 2000 Gourden iwwerreescht.

Fir d'Rentrée krut jidderee vun deene knapp 1600 Schüler esou eng Gourde aus Edelstol, déi 600ml faasst, an déi ee weidere Bausteen an der nohalteger Zero-Waste-Politik an de Suessemmer Schoulen ass. An désem Kader wäerten demnächst och Waasserspenderen an de Gebaier installéiert ginn. Nodeems dëst Joer also sämtlech Schüler sech iwwert eng Gourde freeë konnten, kréien an Zukunft all d'Kanner aus dem Cycle 1.1 bei hirer Aschoulung esou eng propper an hygienesch Drénkfläsch.

F

Lundi après-midi, 21 septembre 2020, le Collège des bourgmestre et échevins de la Commune de Sanem a surpris une classe de l'École 2000 afin d'offrir des gourdes aux élèves.

Ces gourdes en acier affiné, ayant un contenu de 600ml, ont été distribuées aux 1600 élèves de la commune et s'intègrent parfaitement dans la politique zéro-waste au sein de nos écoles. Dans ce contexte, des distributeurs d'eau seront installés prochainement dans les bâtiments communaux. À partir de la rentrée 2021, ces bidons hygiéniques et durables seront offerts à chaque élève du cycle 1.1.

&

à suivre...

YOUNG TALENTS' WEEK. WORKSHOPS. EXHIBITION. 02.—06.11.20

WORKSHOPS BY

gianmarco. gindt. kaufmann. photoclub. maka mc. kree.

INSCRIPTION!
suisse. lu/a-suivre



(tenuto)*



ARTIKUSS X ARTISTS

„**Léiwer ee schifen Toun
an awer ee coole Groove
an e gutt Gefill.**“

* tenuto (de l'italien, signifiant tenir) est une articulation sur une note que l'on maintient dans le temps.

Elle se note d'une barre horizontale.



17.08 — 21.08

QUA QUA.

Daniel Migliosi, 16
trompette, Luxembourg**Mathieu Clement**, 18
piano, Luxembourg**Mateus Wojda**, 24
basse électrique,
Luxembourg**Michel Meis**, 31
drums, Luxembourg

L

De ganze Summer iwwer huet den Artikuss jonken Ausname-museker d'Geleeënheet vun enger Residenz gebueden. Mir ware bei de Prouwen an Opnamen wärend dem — (tenuto) dobäi an hu sämtlechen Acteuren de Bols gefüllt.



Version française

SUESSEMJETAIME.LU/TENUTO

Aussergewéinlech Zäite können heiansdo de Katalysator fir Iddie sinn, déi een énnert normalen Émstänn villäicht net esou séier ugaange wier. Dëst war sécherlech och beim Projet vun den Artists in residence '— (tenuto)' de Fall, deen de ganze Summer iwwer am Artikuss stattfonnt huet. "Et ass kee Geheimnis, dass déi aktuell Situatioun der Konschtzeen ellen zousetzt", erkläert de Serge Blasen, Responsabele vum Artikuss, "a well mir schonns länger mam Gedanke vu Residenze gespillet hunn, war elo genee dee richtege Moment fir dës Aventure ze starten."

Jeeweils eng Woch laang haten am August a September dräi Musekensembele déi eemoleg Chance fir an engem professio-nellen Émfeld ze prouwen, ze spinnen an och Opnamen ze maachen. "Mir wollte virop jenk an talentéiert Kënschtler énnerstëtzen, sief dat am Jazz oder an der Klassik, wou be-sonnesch zu Lëtzebuerg Residenzen net esou verbreet sinn," sou de Serge Blasen weider.

Mat den Jazzensembele Qua Qua a Lysander souwéi dem Trombonnen-Trio The Rolling Bones war fir dës éischt Editioun och direkt Qualitéit um Rendezvous.



31.08—04.09

THE ROLLING BONES.

Nick Engel, 25
trombone basse, Luxembourg

Dino Adjarpasic, 21
trombone, Luxembourg

Daniel Moretti, 23
trombone, Luxembourg



“Wann een d’Geleeënheet vu sou enger Residenz offréiert kritt, da muss een net zwee Mol iwverleeën,” erzielt eis den Daniel Migliosi, dee mat sengen knapp 16 Joer schonns zu de Virtuosen op der Trompett zielt. Änlech gesäit et och sain Ensembelskolleeg a Perkussionist, de Michel Meis: **“Doduerch, dass ee quasi 24 Stonnen den Dag zesummenhänkt, entsteet eng ganz eegen Dynamik an engem Ensembel. Virun allem bei eis, déi net esou oft zesumme prouwen, sinn e puer Deeg um Stéck Gold wäert. Verglächbar mat enger**


Futballsekipp: gutt Individualisten, déi sech mat der Zäit opneen as-pillin.”

Eng Residenz ass awer net némme Spaass, mee huet och eng fest Struktur, wéi de Serge Blasen mat engem klenge Laachen uféiert: “Esou eng Kollaboratioun ka just produktiv sinn, wa béis Parteien eppes abrénggen. Sou stelle mir als Gemeng op der enger Säit nämlech net némmen de Sall, mee och dat professionellt Equipement, een Tountechniker souwéi Kascht a Logement. Op der aner Säit verflichten d’Artiste sech, déi ganz

Saach mam néidege Seriö unzegoen an och ee Concert am Artikuss ze spiller.” Wann d’Situatioun et erlaabt, sou soll dése gemeinsamen Oprétt vun deenen dräi Ensembles samschdes, den 12. Dezember 2020, am Artikuss sinn. Bei déser Geleeënheit gëtt dann och eng Plack virgestallt, op der eventuell och déi eng oder aner falsch Nout wäert drop sinn, wéi de Pianist Mathieu Clement verréit: **“Dat Allerwichstegst bei eisen Opnamen ass d’Energie. Léiwer ee schifen Toun an awer ee coole Groove an e gutt Gefill.”** Ee gutt Gefill hat och déi international



Doduerch, dass ee quasi 24 Stonnen den Dag zesummenhänkt, entsteet eng ganz eegen Dynamik an engem Ensembel.



14.09 – 18.09

LYSANDER.

Joël Metz, 23
saxophone, Luxembourg

Matteo Mazzu, 25
basse électrique,
Luxembourg

Elena Pisano, 25
piano, Sardaigne/Italie

William Smith, 23
drums, Malta

Studieband Lysander, déi sech zu Amsterdam kenne geléiert huet an der hir Wuerzelen duerch ganz Europa verspreet sinn. **“Et huet een net all Dag d’Chance een Tountechniker u senger Säit ze hunn,”** sou de Saxophonist Joël Metz, **“Donieft war et einfach eng flott Erfarung eis eege Lidder énnert professionelle Konditiounen opzehuelen.”**


Beim Trombonnen-Trio The Rolling Bones war d’Situatioun e bësse méi speziell, well den Trio sech geziilt fir dës Residenz gegrënnt

huet, wéi eis den Nick Engel erkläert. Dass dësen Ensembel sech eréischt elo fonnt huet, ass dach e bëssen iwverraschend, kennt den Nick seng Musekskolleegen Daniel an Dino schonns quasi vu Klengem un: **“Mir waren alleguerete beim Claude Origer am Escher Conservatoire an hunn do an deene verschiddenste Konstellatiounen matenee gespillet, allerdéngs ni just zu dräi.”**

Hiren Openthalt am Artikuss hunn déi dräi Blechbléiser jiddefalls net bereit: **“Mir hu séier gemierkt, wéi mir als Trio**

zesummen eise Klang fonnt hunn.
Et deet wierklech gutt, wann een d’Gefill huet virun ze kommen a wann Aarbecht a Prouwe sech lounen.”

Och fir de Serge Blasen fält de Fazit no dëser Première méi wéi positiv aus: **“Et war eng Freed ze gesinn mat wéi engem Enthusiasmus sech sämtlech Bedelegt investéiert hunn. Mee net nämmen dowéinst sinn ech fest dovunner iwwerzeegt, dass den — (tenuto) eng Zukunft am Artikuss wäert hunn.” &**



66 **Déi kleng Schrauwen esou aneneen dréien, dass alles gräift.**

MIKE LORANG

INTERVIEW.

L

Am Kader vun der Europäescher Mobilitéitswoch stoung de Ressortschäffe Mike Lorang eis iwwer verschidden Dossiere Ried an Äntwert.

Ee wichtige Punkt an eiser Mobilitéitspolitik ass fir Iech de 'Séchere Schoulwee'?

De Séchere Schoulwee gëtt et scho sät engen Rëtsch vu Jore bei eis an der Gemeng. Am leschte Joer hu mir all d'Weeër kontrolléiere gelooss a plazeweis och nogebessert. An deem Kader sinn och nei Weeër dobäi komm. Esou mussen d'Kanner aus der Rue de la Gare zu Zolwer z.B. net méi iwwert d'Haaptstrooss bei de KUSS trëppelen, ma si kënne laanscht den Tennis iwwert den nei amenagéierte Vee goen. Et ass eist grousst Zil d'Schoulweeër esou sécher wéi némme méiglech ze maachen.

Vun deenen neie Passagé profitéieren awer net némmen d'Kanner?

Nee, dovu kann natierlech jidderee profitéieren. Mir schaffe weiderhin drun déi eenzel Quartieren an eiser Gemeng esou gutt wéi méiglech mateneen ze vernetzen. Mir mussen déi kleng Schrauwen esou aneneen dréien, dass alles gräift, esou dass den Trajet vun A op B och séier zu Fouss oder mam Vélo gemaach ka ginn.

A wéi laang ee fir esou en Trajet brauch, gesäit een och gutt op de Panneaue vum Foussgängerleitsystem?

Richteg. Wann Dir emol e bësse méi geneed drop oppasst, wäert Dir mierken, dass émmer méi där Panneauen dobäikommen, wou drop steet, wéi laang Dir fir déi eenzel Weeër braucht. Mir schaffen aktuell och drun, dee System iwwert d'Grenze von eiser Gemeng ewech auszgebauen. Et gëtt e flotte Wee vum Belval an dat franséisch Réideng mat senge schéine Weieren an nees zeréck. Dee soll ausgezeichnet ginn, wéi och vereenzelt schéin Trëppelweeër, déi vum Gaalgebierg aus fortginn.

Wéi eng Projeten an der Mobilitéit si fir d'Zukunft geplangt?

Mir wëllen a wäerten de Verkéier ronderëm eis Schoule bremsen. De Plang ass et fir 2022 eng nei Zone 30 op engem Deelstéck virun der Schoul zu Éilereng anzeweisen. Dëse Streckendeel virun der Schoul soll och erhéicht a méi enk gemaach ginn. Mat Knubbelen an engem spezielle Belag ginn d'Autoe gebremst an de Schoulwee méi sécher gemaach. No der Schoul zu Éilereng wäert dëse Projet och bei anere Schoulen an der Gemeng lancéiert ginn.

Amplatz vun de Parkplaze gouf um sougenannte **Parking Day** vun der Eis Epicerie gegrillt an et konnt ee säi Vélo flécke loessen.



**F**

**Zu Lëtzebuerg gëtt mat enger
Prim fir Elektrovëloe vill
Reklamm gemaach fir op dëst
Verkéiersmëttel èmzeklammen.
Wat mécht d'Gemeng Suessem
an deem Punkt?**

Mat der Rue Robert Krieps hu mir zu Bieles en éischte Sens Unique à contre-sens fir de Vélo opgemaach. E Projet, dee ganz positiv opgeholle ginn ass an deen de Cyclisten et erméiglech d'Escherstrooss z'ëmfueren. Mir riichten och op èmmer méi Plazen an der Gemeng eis Vélosboxen op. Do steet Äre Vélo net némmen dréchen dran, mee e gëtt och net beschiedegt. D'CFL wäert och geschwënn eng mBox op der Gare Bieles-Zolwer opbauen. Villäicht motiviéiert lech dat mam Vélo bei den Zuch ze fueren an den Auto stoen ze loossen.

Dans le cadre de la Semaine Européenne de la Mobilité, Mike Lorang, échevin en charge du ressort, nous parle de ses divers dossiers.

Pour vous, un point important de notre politique de mobilité est la sécurisation des chemins de l'école ?

La sécurisation des chemins de l'école existe déjà depuis plusieurs années dans notre commune. Au cours des dernières années, nous avons fait contrôler tous ces chemins et certains ont été optimisés. Dans ce cadre, de nouveaux chemins ont également été ajoutés. Par exemple, les enfants habitant Rue de la Gare à Soleuvre ne sont plus obligés de traverser la rue principale pour se rendre au KUSS, ils peuvent désormais marcher sur le chemin nouvellement aménagé longeant le Tennis. Notre plus grand but est celui de sécuriser les chemins de l'école autant que possible.

Les enfants ne sont pas les seuls à profiter de ces nouveaux passages ?

Non, il est évident que tout le monde peut en profiter. Nous continuons d'interconnecter les différents quartiers de notre commune de la meilleure façon possible. Nous devons intégrer les petits rouages dans les grands, afin qu'un trajet de A à B puisse se faire rapidement aussi bien à pied qu'en bicyclette.



Concours Pimp My Bushaischen. D'Kanner aus der Gemeng hunn och dëst Joer nees vereenzelt Bushaisercher mat hirer Kreativitéit verschéinert.

La durée pour faire ces trajets est facilement visible sur les panneaux du Système de guidage pour piétons ?

C'est exact. Si vous y regardez de plus près, vous remarquerez que de nouveaux panneaux sont régulièrement ajoutés, on peut y lire le temps qu'il faut pour emprunter les divers chemins. Nous sommes actuellement en train d'étendre le système au-delà des limites de notre commune. Il y a un très beau chemin qui fait l'aller-retour entre Belval et Rédange du côté français, avec ses beaux étangs. Un marquage est prévu pour ce chemin, comme pour tous ceux qui partent depuis le Gaalgebierg.

Au Luxembourg, il y a actuellement beaucoup de publicité autour d'une prime pour inciter les gens à utiliser les vélos électriques. Que prévoit la Commune de Sanem sur ce point ?

Dans la Rue Robert Krieps à Belvaux, nous avons ouvert un premier Sens Unique à contre-sens pour vélos. Un projet qui a été salué d'une façon générale et qui permet aux cyclistes d'éviter la Route d'Esch. Nous continuons d'installer des boxes à vélos dans divers endroits de la commune. Vous pouvez y garer votre bicyclette au sec et en toute sécurité. Les CFL ont également prévu l'installation prochaine d'un mBox à la gare de Belvaux/Soleuvre. Peut-être que cela vous motivera d'utiliser le vélo pour prendre le train et de laisser votre voiture au garage. &.

TÉLÉVIE 2020

Merci!

L

Och fir den Télévie war et beileiwen eng ausseruerdentlech Editioun 2020. Opgrond vun deene bekannten Ursachen konnten eng ganz Rei Aktiounen a Manifestatiounen net wéi geplant stattfannen, an awer huet den Organisationscomité vum Centre de promesses Gemeng Suessem et fäerdege bruecht, ee stolze Montant an Héicht vu 40.000 € fir de Kampf géint de Kriibs ze sammelen. Deen offizielle Scheck gouf am wonnerbare Kader vum Suessem Schlass iwwerreecht.

Ee grousse Merci nach eemol un lech allegueren dobaussen, Privat- a Geschäftsleit, Veräiner, Sponsoren, Maison Relais a Schoulen, dass Dir mat Ärer Solidaritéit an Ärem Asaz dozou baijedroen hutt, dass dës Zomm zesummekomm ass. Hoffentlech kënne mir nächst Joer den 20. Anniversaire vum Télévie gemeinsam feieren.

F

Ce n'est pas exagéré de dire que l'édition 2020 du Télévie fut bien extraordinaire. Pour des raisons bien connues, un certain nombre d'actions et de manifestations n'ont pas pu avoir lieu comme prévu. Néanmoins le comité d'organisation du Centre de promesses Gemeng Suessem a réussi à collecter la somme considérable de 40.000 € pour la lutte contre le cancer. Le chèque officiel a été remis dans le cadre magnifique du Château de Sanem.

Un grand merci à vous tous - particuliers et professionnels, associations, sponsors, Maison Relais et écoles - pour votre solidarité et votre engagement afin de récolter ce montant. Espérons que, l'année prochaine, nous pourrons fêter ensemble le 20ème anniversaire du Télévie



Psychesch Gesondheet geet jiddereen eppes un!

LA SANTÉ MENTALE COMpte
POUR TOUT LE MONDE !

L

2020 ass markéiert vun der Covid-19-Pandemie. Mam Confinement an de Geste-barrièrë fir eis ze schützen, hu vill Leit ugeaange psychesch ze leiden. Dái mental Gesondheet geréit esou mat an de Fokus a weist, dass jiddweree kann dovunner beträff sinn.

Vum 3. bis den 10. Oktober 2020 organiséiert d'Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale a Kollaboratioun mam Gesondheetsministère déi 2. Editiou vun der Semaine de la Santé Mentale. Den detaillierte Programm vun der ganzer Woch fannt Dir op www.semainesantementale.lu.

De Sacha Bachim vun der Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale erkläert: „**Psychesch Gesondheet geet jiddweree eppes un! Jiddweree kann dozou bäidroen, dass déi psychesch Gesondheet vum Eenzelen an an der Gesellschaft verbessert gëtt.**“

An dësem Sënn huet sech d'Gemeng Suessem dëst Joer och un der Semaine de la Santé Mentale bedeelegt an huet d'Konferenz „**Eltèreburnout**“ a Kollaboratioun mat der Elterseschoul Janusz Korczak ugebueden. D'Eltere sinn effektiv dëst Joer méi gefuerdert ewéi soss. D'Familljeliewen an de Beruff am Confinement énnert een Hutt ze kréien, kann de Stressspeigel gären an d'Luucht schnelle loassen. Fir mucht Eltere gouf den „Eltèreburnout“ eng Realitéit. Dëse ka jiddweree treffen, onofhängeg vun der Kompositioun, der Taille oder dem sozialen Ëmfeld vun der Famill.

Froe wéi beispillsweis: ‘Wéi kann ech den Eltèreburnout evitéieren a wéi eng Lösungsvorschléi ginn et?’, a villes méi si Sujet an der Konferenz gewiescht, déi den Donneschdeg, 8. Oktober 2020 am Festsall vun der Gemeng thematiséiert goufen.

F


2020 est marquée par la pandémie du Covid-19. Avec le confinement et les gestes barrière ayant pour but de nous protéger, de nombreuses personnes ont commencé à souffrir mentalement.

Ainsi, la pandémie nous a rappelé que la santé mentale nous affecte tous et que tout le monde en peut être touché à tout moment. Du 3 au 10 octobre 2020, la Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale, en collaboration avec le Ministère de la Santé, organisera la 2ème édition de la Semaine de la Santé Mentale. Le programme détaillé de cette semaine est disponible sur www.semainesantementale.lu

Sacha Bachim de la Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale explique : « **La santé mentale peut toucher tout le monde ! Chacun peut contribuer à l'amélioration de la santé mentale des individus et de la société.** »

En effet, la Commune de Sanem a participé cette année à la Semaine de la Santé Mentale et a proposé la conférence « **burnout parental** » en collaboration avec l'École des Parents Janusz Korczak. Cette année, les parents sont de plus en plus mis au défi. Lors du confinement, concilier la vie de famille avec le télé-travail peut rapidement augmenter le niveau de stress. « L'épuisement parental » est devenu une réalité pour certains parents. En effet, tout le monde peut en être touché peu importe la composition, la taille ou l'environnement social de la famille.

Des questions telles que : « Comment puis-je éviter l'épuisement parental et quelles sont les solutions proposées ? », et bien d'autres aspects ont fait l'objet de cette conférence le jeudi, 8 octobre 2020 à la Mairie de Sanem.





Gustoso!

AVEC JACQUELINE OUAKEF.



Lëtzebuergesch Versioun
SUESSEMJETAIME.LU/COUSCOUS




Les différentes herbes et la variété des légumes sont la « potion magique » du Couscous de Aïn Sefra préparé par Jacqueline Ouakef.



Placée sous le signe de la convivialité avant toute chose, la cuisine algérienne est une tradition, un art d'être ensemble qui est transmise de génération en génération. Dans la cuisine algérienne chaque plat raconte

sa propre histoire. Elle propose de nombreuses recettes sucrées-salées mêlant tour à tour la viande de mouton aux coings, la patate douce à la fleur d'oranger ou encore le bœuf au vinaigre de dattes.



C'est près de Thionville, tout proche de la frontière luxembourgeoise, que **Jacqueline Ouakef** est née et où elle a passé les trente premières années de sa vie. Dans les années 1990, la profession de son mari l'a amenée au Luxembourg, plus précisément à Soleuvre. Alors que l'un de ses deux garçons pratique le rugby à Cessange, Jacqueline, qui a grandi avec la cuisine orientale, passe de nombreuses heures à cuisiner avec de la passion. Et c'est bien là que ses racines interviennent : **l'Algérie !**

Si on parle de la cuisine algérienne, on parle de Couscous. En clin d'œil à son papa natif de ce berceau culinaire du nord-ouest de l'Algérie, elle intitule ce plat emblématique « Le Couscous d'Aïn Séfra ». Outre le nom spécial, les différentes herbes et la variété des légumes sont la « potion magique » du Couscous de Aïn Séfra.



Préparation de la graine

- Rincer la graine dans une passoire, puis la mettre dans un grand plat creux, bien détendre la graine avec la main et laisser sécher un peu.
- Mettre ensuite la graine dans un couscoussier et laisser cuire à la vapeur pendant 20 minutes.
- Retirer et ajouter un verre d'eau.
- Retravailler la graine à la main en rajoutant 2 cuillères d'huile puis cuire à nouveau à la vapeur.
- À la fin de cette deuxième cuisson ajouter le beurre à votre convenance.

Préparation du bouillon

- Mettre l'agneau et les oignons dans une cocotte avec un peu d'huile et faire revenir légèrement.
- Verser 1 litre d'eau et saler.
- Ensuite ajouter les pois chiches et les épices (sauf le cumin).
- Fermer la cocotte et laisser cuire le tout.
- À mi-cuisson, rajouter les carottes et les fèves, laisser cuire encore un peu.
- Enfin rajouter les navets, les pommes de terre, le potiron, les courgettes, le concentré de tomate et le cumin dilué dans un peu de sauce.
- Finir la cuisson quelques minutes.
- Rôtir les merguez et les pilons de poulet.
- Servir la viande séparément.



Le dessert

Prendre chaque fruit et les fourrer soigneusement avec de la pâte d'amande.

Puis les tremper un par un dans le miel, laisser égoutter et saupoudrer avec la poudre de noix de coco. Idéalement à servir avec du thé à la menthe.

INGRÉDIENTS

- 250g dattes dénoyautées
- 250g de figues séchées
- 250g cerneaux de noix
- 100g mini-figues séchées
- décoration
- 300g pâte d'amande
- pistache, fraise, amande
- 100g coco en poudre
- 1 pot de miel liquide

Les douceurs du désert.



Zénter 2018 ass den Tom Offermann Deel vum Service des Ressources humaines vun der Gemeng Suessem. E Gespräch iwwert de Pilotprojet Teletravail, Homeoffice am Confinement, souwéi d'Iddi hannert dem Begréff 'Work-life Balance'.



Version française
SUESSEM.LU/HOMEOFFICE

home sweet home office.

DEN TELETRAVAIL AN
DER GEMENG SUESSEM.
INTERVIEW MAM
TOM OFFERMANN.

Wéi laang gëtt et den Teletravail schonns an der Gemeng Suessem?

Den Teletravail gëtt effektiv schonns zénter September 2019 fir dat administratiivt Personal vun der Gemeng Suessem ugebueden. Dést geschitt am Kader vun engem Projet an Zesummenarbecht mat der Fonction publique. Heizou muss ee präziséieren, dass den Teletravail zwar am Statut vum Gemengebeamte verankert ass, et awer leider keng weider Detailer zu sengem Fonctionnement ginn. Dëse Projet soll énnert anerem dobäi hëllefen e Kader fir een neit Gesetz ze schafen, well dat alt der heiteger Zäit net méi gerecht gëtt.

Wéi gesät den Teletravail am Detail aus a wéivill Beamte profitéiere vun dësem Aarbeitsmodell?

Säit dem 1. September 2019 können 11 vun eise Beamten, op fräiwölleger Basis, op den Teletravail zeréckgräifen. Hei gëtt zum gréissten Deel an engem flexibele Modus geschafft. Dat bedeut, dass de Beamten d'Méglechkeet huet 2 Wochen am Viraus deen Dag festzeleeën, op deem hie vun Doheem aus schaffe wëll. D'Limit läit dobäi bei maximal 8 a minimal 4 Stonnen an der Woch. Dat néidegt informatescht Material gëtt vun der Gemeng zur Verfügung gestallt.

Wéi gouf den Teletravail während der sanitärer Kris émgesat?

Mëtt Mäerz huet de Schäfferot decidéiert d'Gemeng némmen nach op Rendezvous opzeloosser. Esou konnt de Risiko vun enger Infektioun minimiséiert ginn an d'Gesondheet vum Personal a vun eise Bierger ass an de Vierdergrond geréckelt. An dëser Phase gouf dann och massiv op den Teletravail zeréckgegraff. Sämtlech Personal, bei deem d'Aarbecht et zuugelooss huet, konnt dovunner profitéieren an no enger ganz intensiver a kuerzfristiger Organisatioun, war dono quasi all Beamten am Homeoffice.

De Covid-19 war op eng gewësse Manéier also een Accélérateur fir dëse Projet?

Dat kann een esou soen, och wa mir verständlecher Weis léiwer aner Émstänn gehat hätten. Dat Wichtegst war awer, dass d'Gemeng all hir Servicer weiderhi konnt uerdentlech ubidden, och aus dem Homeoffice eraus. Donieft war dést fir déi meescht natierlech eng éischt Erfarung mat dëser Aarbechtsform, déi gréisstendeels onbekannt war an am Nachhinein ganz positiv ukomm ass.

Trotzdeem war et eng Ausnamesituatioun.

Dat ass sécher. Et muss ee kloer énnerscheeden, dass dést kee regulären Teletravail war, well quasi déi komplett Woch aus dem Homeoffice geschafft gouf. Dat ass an eisem Modell jo net virgesinn an awer war et eng gutt Méglechkeet dem Personal de Bols ze llen.

Wat si konkret d'Virdeeler vum Teletravail?

Ee Virdeel, deen direkt an d'A spréngt, ass dee vum Aarbechtswee, deen ewechfällt. Oft ass dee Wee mat Stress a Stau verbonnen a sou kann de Beamten direkt vun Doheem aus ufänke mat schaffen. Donieft kann ee ganz flexibel schaffen a sech d'Aarbecht u sech esou opdeelen, wéi ee wëll, mat der Oplag, dass ee während verschidde Stonnen erreichbar muss sinn. Op dës Manéier kann ee sech net némme besser professionell a privat organiséieren, mee och op säi Bio-Rhythmus lauschteren an déi Stonnen effektiv schaffen, wou een am produktiivsten ass.

Dat heescht och d'Bierger profitéiere vun dësem Modell?

Am Idealfall jo. Doduerch dass de Beamten am Homeoffice manner gestéiert gëtt, zum Beispill duerch Aarbechtskolleegen, déi an de Büro eppesnofroe kommen oder den Telefon, deen zum Deel vill schellt, ass de Beamten och méi produktiv an Dossieren oder Ufroe kënne méi séier verschafft ginn.

Ofschléissend, wat erwaart d'Gemeng sech vun dësem Projet?

Déi wichtegst Wieder am Zesummenhang mam Teletravail sinn ouni Zweisel déi vun der Work-life Balance. Wann e gutt organiséiert ass, kann dëse Modell eng exzellent Verbindung téscht dem Aarbechts- an dem Privatliewe sinn, bei deem ee bénfelder esou matenee verbënnt, dass keent ze kuerz kënnt.

&c.



Masken Iwwereechung.

L

Um Dënschdegowend, 28. Juli 2020, huet de Schäfferot vun der Gemeng Suessem am Artikuss eng 150.000 Masken un d'Organisatiounen Catch a Smile, Gemeng Suessem Hëllef souwéi un d'Direction de la Coopération au développement et de l'action humanitaire auprès du Ministère des Affaires étrangères et européennes iwwerreecht.

Dës Maske waren am Kader vun der grousser nationaler Verdeel-aktiou am Mee, bei der all Bierger 50 chirurgesch Masken zegutt hat, an der Gemeng Suessem iwwereg bliwwen. Dëst virun allem, well d'Gemeng hire Bierger de Choix gelooss hat tëscht 50 chirurgeschen oder zwou nohaltegen, stoffe Masken z'entscheeden.

D'Buergermeeschtesch Simone Asselborn-Bintz huet an hirer Ried de selleche benevollen a professionellen Néieschen aus der Gemeng Merci gesot, déi innerhalb vu just e puer Wocher eng 10.000 stoffe Maske gebitzt haten. Bei der Verdeelung dono hate sech ronn 20% vun de Suessemer Biergerinnen a Bierger fir eng stoffe Mask entscheed.

Déi zwou Organisatiounen an de Ministère hu sech iwwert dëse Geste gefreet a wäerten d'Masken deemnächst Mënschen an Nout op ganz verschiddene Plazzen op der Welt (Cap Vert, Balkan, Griichenland) zoukomme loessen.

F

Mardi soir, le 28 juillet 2020, le Collège des bourgmestre et échevins de la Commune de Sanem avait invité à l'Artikuss pour la remise de 150.000 masques aux associations Catch a Smile, Gemeng Suessem Hëllef et à la Direction de la Coopération au développement et de l'action humanitaire auprès du Ministère des Affaires étrangères et européennes.

La Commune de Sanem avait pu récupérer ce nombre considérable au mois de mai, au moment où chaque citoyen avait droit à 50 masques chirurgicaux. Lors de cette distribution, les Sanemois avaient pu choisir entre 50 masques chirurgicaux ou deux masques en tissu.

Madame la bourgmestre Simone Asselborn-Bintz remercia dans son discours les nombreuses couturières locales – bénévoles et professionnelles – qui ont cousu plus de 10.000 masques en quelques semaines et précisa que 20% de la population avait opté pour cette solution durable.

Les deux associations ainsi que le Ministère se chargeront de distribuer ces masques prochainement à des personnes en besoin entre autres au Cap-Vert, la péninsule des Balkans et en Grèce.

Winter Feelings



ANIMATIONS | DECO | FOODTRUCKS | VIDEO MAPPING

13. — 15. NOV.

SUESSEMER SCHLOSS

CHÂTEAU DE SANEM

winterfeeling.lu

G

Informatiounsblat.

10. Juli 2020

— Säit 27

L

AUDIO REPLAY GEMENGEROTSSËTZUNGEN

Just e puer Stonnen nom Enn vun de jeeweilege Sëtzunge fannt Dir déi detailléiert Audio-Versioun vum Gemengerot op


suessel.lu/lb/seance-year/2020

F

REPLAY AUDIO SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL

Retrouvez l'enregistrement audio des séances quelques heures après la fin du Conseil communal respectif sur

suessel.lu/fr/seance-year/2020



Procès-verbal des votes du Conseil communal de Sanem lors de la séance publique

vendredi, 10 juillet 2020

date de l'annonce publique

03 juillet 2020

date de la convocation des conseillers

03 juillet 2020

début: **08h15**

fin: **11h50**

PRÉSENTS:

M. Engel Georges, président,

M. Anen Gaston, Mme Asselborn-Bintz Simone, M. Bronzetti Denis, Mme Cecchetti Myriam, M. Cornély Alain, Mme Faber-Huberty Chantal, M. Gierenz Steve, M. Goelhausen Marco, M. Haas Marc, M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie, M. Piscitelli José, Mme Romeo Franca, Mme Speck-Braun Patricia, Mme Tornambé-Duchamp Nadine

Mme Manon Greven, secrétaire

ABSENT (S) EXCUSÉ (S): Mme Logelin Anne

PREMIER VOTANT: M. Haas Marc

Madame Nadine Tornambé-Duchamp n'a pas pris part au vote du point 20.

Madame Myriam Cecchetti n'a pas pris part au vote du point 24b, 24c et 24d.

— ORDRE DU JOUR

1. Correspondance et informations.
2. Approbation d'un rapport (25.05.2020).

» **Vote unanime**

— PROJETS

3. Construction:
 - a. Construction de 2 terrains de tennis supplémentaires auprès du KUSS au Scheierhaff. Devis supplémentaire: 300.500 € (article budgétaire: 4/821/221200/17005).
 - b. Construction de 2 terrains de tennis supplémentaires auprès du KUSS au Scheierhaff. Crédit supplémentaire: 300.500 € (article budgétaire: 4/821/221200/17005).

» **Vote unanime**
4. Réaménagement des pompes du réservoir Dénnebesch à Soleuvre. Devis estimatif détaillé: 144.119,66 € (article budgétaire: 4/630/222100/19047). » **Vote unanime**

5. Matériel informatique:

- a. Acquisition de matériel informatique pour les besoins des écoles fondamentales de la Commune de Sanem. Devis estimatif détaillé: 20.500 € (article budgétaire: 4/910/223500/99001).
- b. Modification du réseau informatique et de télécommunication au foyer Kannerbuerg à Soleuvre. Devis estimatif détaillé: 10.000 € (article budgétaire: 4/242/222100/20065).
- c. Acquisition de matériel informatique. Devis estimatif détaillé: 10.500 € (article budgétaire: 4/120/223500/99001).
- d. Acquisition de 10 tablettes et du petit matériel informatique pour les besoins du CIPA. Devis estimatif détaillé: 4.097,75 € (article budgétaire: 4/734/223500/14030).
- e. Interconnexion des différents bâtiments communaux. Devis estimatif détaillé: 3.493,22 € (article budgétaire: 4/120/223500/18010) Aménagement communal.

» **Vote unanime**

6. Installation et exploitation d'écrans extérieurs dans le cadre de l'affichage dynamique des activités culturelles de la Commune de Sanem. Devis estimatif détaillé: 85.000 € (article budgétaire: 4/860/222100/19067).

» **Vote unanime**

7. Installation d'un raider électronique près de la maison communale à Belvaux. Devis estimatif détaillé: 18.000 € (article budgétaire: 4/120/221311/20066).

» **Vote unanime**

8. Equipement des agents municipaux. Devis estimatif détaillé: 4.600 € (article budgétaire: 4/130/211000/13043).

» **Vote unanime**

— AMÉNAGEMENT COMMUNAL

9. Droits de préemption:

- a. Demande d'un droit de préemption concernant les parcelles 1015/5466 et 1015/5556, lieu-dit «Chemin Rouge» et «rue de l'Electricité», Section C de Belvaux.
- b. Demande d'un droit de préemption concernant la parcelle 1334/7598, au lieu-dit «rue Waassertrap», section C de Belvaux.

» **Vote unanime**

10. Lotissements:

- a.** Approbation du lotissement de la parcelle N°578/5729, section B de Soleuvre pour la réalisation d'une nouvelle maison unifamiliale et le maintien d'un maison unifamiliale existante.
- b.** Approbation du lotissement de la parcelle N°726/3059, section D d'Ehlerange en 4 lots en vue de la réalisation d'un projet de construction pour quatre maisons unifamiliales en bande.
- c.** Approbation du lotissement de la parcelle N°1421/5180, section C de Belvaux au 180, route d'Esch.

» **Vote unanime**

11. Remembrements et lotissements:

- a.** Approbation du remembrement et le lotissement des parcelles 728/8122; 728/8123; 739/8124 et 739/8125 au 87-89route d'Esch à Belvaux.
- b.** Approbation du remembrement et lotissement des parcelles N°576/6486 et 575/7633, section C de Belvaux, ainsi que le rachat de deux parcelles du domaine public au 145, rue de Soleuvre.

» **Vote unanime**

12. Pacte logement:

- a.** Approbation du pacte logement du lot 39- «Millenium» au Square Mile.
- b.** Approbation du pacte logement du lot 47- «Manhattan» au Square Mile.
- c.** Approbation du pacte logement du lot 46- «TWIST» au Square Mile.

» **Vote unanime**

13. Ester en justice:

- a.** Demande d'ester en justice.
- b.** Demande d'ester en justice.

» **Vote unanime**

14. Saisine du projet de modification ponctuelle de la partie graphique du plan d'aménagement général concernant le schéma directeur «Belval Nord, Bei Wölleschtrausch».

» **Vote unanime**

15. Approbation d'un projet d'aménagement particulier nouveau quartier «PAP 2019/01» portant sur des fonds sis à Soleuvre au 39, rue de l'Industrie.

» **Vote unanime**

— TRANSACTIONS IMMOBILIÈRES**16. Contrats de bail:**

- a.** Approbation d'un contrat de bail avec la société à responsabilité limitée «LUXGRAIN S.à r.l.» concernant la location d'un hall/entrepôt sis dans la Zone Artisanale 'IM KAEP' à Soleuvre.

- b.** Approbation d'un contrat de bail avec le sieur FISCHBACH et la dame PITZMANN, concernant une partie d'une parcelle de terrain sise à Ehlerange.

» **Vote unanime**

17. Compromis de vente:

- a.** Approbation d'un compromis de vente avec les époux PATIES-ZHU concernant l'acquisition d'une parcelle de terrain à Belvaux.
- b.** Approbation d'un compromis de vente avec les consorts SIBILLA-BRACONNIER concernant l'acquisition d'une parcelle de terrain à Belvaux.
rue Basse in Zolver ein Grundstück zweigeteilt um ein neues Einfamilienhaus zu erbauen und in der rue de Sanem in Ehleringen wird ein Haus abgerissen um Platz für vier neue Häuser zu schaffen. Bei den Konventionen bezüglich der Lose „Millenium“, „Manhattan“ und „Twist“ auf dem Square Mile in Belval wurde festgelegt, wie viele Wohnungen als Logement à coût modéré zählen sollen. Wegen der Größe des Projektes schlug der Schöffenrat auch vor, dass diese Wohnungen vom Bauträger verkauft werden sollen, so wie es das Règlement général vorsieht. Der konventionelle Preis pro Quadratmeter liegt bei 5.698 €.

Dann erteilte der Gemeinderat dem Schöffenrat die Erlaubnis wegen zwei Fällen vor Gericht zu ziehen. Zum einen will die Gemeinde gegen eine Familie aus Beles Anzeige erstatten, die trotz eines von einem vorherigen Gerichtsverfahren erteilten Bauverbots weiter am Haus gearbeitet und sogar ein nie erlaubtes Gewerbe dort unterhielt. Hinzu kam, dass über längere Zeit keine neuen Baupläne eingereicht wurden, so dass die Familie unter schlechten Bedingungen nebst einer Baustelle leben musste. In diversen Presseberichten wurden jedoch öfters rassistische Vorbehalte von Seiten der Familie aufgeführt. Deshalb will die Gemeinde wegen der unerlaubten veränderten Gebäudenutzung, der Nicht-Einhaltung des Baustopps und der Verleumdung klagen. Zum anderen ging es um den illegalen Lastwagen-Parkplatz in der rue de la Gare / rue du Chemin de fer in Beles. Durch die ständige Ein- und Ausfahrt von LKWs in dieser unübersichtlichen Kurve kam es immer wieder zu gefährlichen Situationen. Nachdem mehrere Beschwerden bei der Gemeinde eingegangen waren, hat man per Brief beim Grundstücksbesitzer nachgefragt was für Aktivitäten dort genau stattfinden und ihn gleichzeitig informiert, dass die Parzelle als Wohnbaugebiet eingestuft sei und eine Änderung der Flächennutzung eines PAP bedarf. Der Besitzer habe angegeben, dass er das Terrain an eine Transportfirma vermietet habe, die dort ihre LKWs parke. Dadurch, dass nie eine Änderung angefragt wurde, handelt es sich hier also um eine illegale Situation. Da der Eigentümer seit Monaten nicht mehr auf die Kontaktversuche der Gemeinde reagiert um die Situation zu berichtigen, werde man jetzt gerichtlich vorgehen.

Um das PAP in Belval Nord „Bei Wélleschtrausch“ realisieren zu können, wurde der PAG punktuell abgeändert. Es handelte sich hierbei nur um eine Modifikation des Koeffizienten (CUS = Coefficient d'utilisation du sol) und der Densité de logement wegen eines im Vorfeld entstandenen Rechenfehlers. Es bleibt bei diesem Projekt bei 15 Häusern und 109 Wohnungen. Das PAP 2019/or in der rue de l'Industrie in Sanem beinhaltet den Bau einer Wohnanlage mit 9 Wohnungen, eines Zweifamilienhauses und einer Kindertagesstätte. Gemeinderat Jos Piscitelli (déi Lénk) kündigte seine Zustimmung an, allerdings mit der Bemerkung, dass das Projekt rein bautechnisch nicht à la lettre sei. Da es aber so zum Besten für die Leute Beteiligten ist, sei er einverstanden und bat darum auch in Zukunft

bei solchen kleineren Bauprojekten weiterhin ein Auge zuzudrücken. Bürgermeister Georges Engel (LSAP) entgegnete, dass dies so aussehen würde, als ob die Gemeinde bei großen Bauträgern kulanter wäre, was allerdings nicht stimmen würde. Jos Piscitelli (déi Lénk) wiederholte seinen Standpunkt, dass die Gemeinde bei einem PAP mehr Spielraum habe als bei kleinen Projekten, weshalb man bei jenen bei der Ausführung des Bautenreglements kulanter bleiben solle. Sowohl Bürgermeister Georges Engel (LSAP) als auch Rätin Nadine Tornambé-Duchamp (LSAP) zeigten Unverständnis für diese Ansicht, bewusst gegen das bestehende Reglement zu gehen. Man dürfe die Bauverordnung und einen PAP nicht vermischen, da es sich um zwei Paar verschiedene Schuhe handele. Natürlich verfüge man als Gemeinde bei einem PAP über mehr Möglichkeiten, damit sei aber nicht gesagt, dass man dadurch kulanter sei. Déi Lénk-Rätin Myriam Cecchetti fragte in diesem Zusammenhang, ob ein Fußweg zur Bushaltestelle in der rue de Niederkorn geplant sei. Die anwesende Mitarbeiterin des Bautenbüros bestätigte, dass sie diesen Vorschlag dem Bauträger weitergeben werde, der dies sicherlich umsetzen werde. Danach folgten noch die Bewilligung von zwei Mietverträgen, drei Verkaufsvorverträgen und einem Verkaufsakt.

KOMMUNALE FINANZEN UND VEREINSSUBSIDIEN

Finanzschöffin Nathalie Morgenthaler (CSV) präsentierte anschließend die Konvention und die dazugehörige finanzielle Unterstützung in Höhe von 5.109 € an die Harmonie Concorde Sanem im Rahmen von Fassadenarbeiten (durch Feuchtigkeitsprobleme) des Musiksaals. Die interne Nutzungsordnung und die diesbezügliche Mietgebühr im Parkhaus des neuen Kannercampus in Belval wurden ebenfalls ohne Gegenstimme verabschiedet. Die 57 Stellplätze und zwei doppelte Ladestationen für Elektroautos werden von einer internen Arbeitsgruppe der Schule verteilt, Gemeindepersonal und Vereinsmitglieder können eine Anfrage an den Schöffenrat richten.

Beim nächsten Punkt, der die Vereinssubsidien zum Gegenstand hatte und von Gemeinderat und Präsident der Finanzkommission Denis Bronzetti (LSAP) vorgetragen wurde, war es vorbei mit der Einstimmigkeit. 55 Anfragen wurden analysiert und ein Total von 166.365 € an die lokalen Vereine ausbezahlt. Gemeinderat Jos Piscitelli (déi Lénk) zeigte sich enttäuscht, dass sein Vorschlag (per Mail) die dysphasie.lu und die lokale Feuerwehr nicht aus der Kategorie 1 zu streichen, sowohl von der Kommission als auch jetzt vom Schöffenrat weder kommentiert noch berücksichtigt wurde. Die asbl dysphasie.lu leiste nämlich eine tolle, meist freiwillige, Arbeit für die Allgemeinheit. Das Gleiche gelte für die Feuerwehr, die zwar seit der Einführung des CGDIS keine asbl mehr ist, sich allerdings noch immer für die Jugend der Gemeinde einsetze und z.B. mit dem Bärbelsfest, usw. eine wichtige Arbeit auf

sozialer Ebene leiste. Er wolle Vereine nicht gegeneinander aufhetzen, aber das Subsidienreglement solle nicht nur für Sport-, Kultur-, Freizeit- und Hobbyvereine gelten, sondern auch weiterhin diese Vereine mit sozialem Engagement unterstützen. Er könne nicht nachvollziehen, warum man diese beiden Vereinigungen nicht beibehalten könne, weshalb seine Fraktion diesen Punkt auch nicht mitstimmen werde. Finanzschöffin Nathalie Morgenthaler (CSV) kam noch einmal auf die Erklärungen und Gründe aus ihrer Antwortmail zurück. Man sei sich unisono einig, dass beide Vereine eine wertvolle Aufgabe verrichten, man könne sie aber laut Reglement nicht als reinen Gemeindeverein klassieren. Da die Kompetenzen dieser Vereine eigentlich nationaler Natur seien, müsse man sich auch die Frage stellen, warum sie nicht von staatlicher Seite unterstützt werden. Die dysphasie.lu wurde allerdings angeschrieben, dass sie eine außerordentliche finanzielle Unterstützung beantragen solle, falls sie belegen könne, dass sie Kinder aus der Gemeinde betreue. Es sei zudem eine Konvention mit der dysphasie. lu (so wie z.B. die mit der Initiative Liewensufank) geplant, die festhält, was ihnen seitens der Gemeinde zu Gute kommt. Bei außergewöhnlichen Aktivitäten innerhalb ihrer Statuten lasse man natürlich mit sich reden. Auch wenn sie keine Subsidien erhalten, so könne man nicht behaupten, dass der Verein einfach fallengelassen werde. Seit 2015 ist der Verein in einem Gemeindesaal untergebracht, der immer wieder renoviert und ausgebessert wurde. Zu den Statuten der neuen Amicale der freiwilligen Feuerwehr, die erst im vergangenen Dezember vom Gemeinderat zur Kenntnis genommen wurden, erklärte Nathalie Morgenthaler (CSV), dass im Vereinssubsidien-Reglement stehe, dass man erst nach einem Jahr Anrecht auf eine Finanzspritzte habe. Man sei bereit sie weiterhin zu unterstützen, aber nicht mehr im Rahmen der Kategorie 1. Man werde sich auch noch mit Differdingen zusammentun und dann im Herbst darauf zurückkommen. Mit 14 Ja-Stimmen und 2 Enthaltungen der déi Lénk-Fraktion wurde dieser Punkt schlussendlich angenommen.

Bei der Abstimmung über die außerordentlichen Zuschüsse im Rahmen der Covid 19-Krise an die lokalen Vereine, betonte Bürgermeister Georges Engel (LSAP), wie sehr ihm dieses Projekt am Herzen liege. Durch die aktuelle Corona-Situation sei es für viele Vereine schwierig ihren Aktivitäten nachzugehen oder sie auch zu finanzieren. Man sei sich dieser Sorgen bewusst und wolle als Gemeinde helfen. Deshalb schlage der Schöfferrat vor, die Gelder, die für die ausgefallenen Nationalfeiertag-Festlichkeiten eingeplant waren, aufzuteilen. Die Vereine können bis zu einem gewissen Beitrag (ein Drittel des Subsidien-Durchschnittswertes der vergangenen Jahre) bei den teilnehmenden Geschäften der Gemeinde einkaufen. Somit werden zwei Fliegen mit einer Klappe geschlagen. Gemeinderätin Chantal Faber-Huberty (déi Gréng) begrüßte diese Initiative, bei der sowohl die lokalen Vereine als auch die ansässige Geschäftswelt unterstützt werden. Ihre Fraktion habe allerdings Bedenken, ob jeder Verein innerhalb der

Gemeinde das finde, was er wirklich brauche, wie z.B. was Musikinstrumente oder spezifisches Sportmaterial betreffe. Deshalb bat sie darum das Projekt noch einmal zu überdenken und auszuweiten, und die Mindestlaufzeit von einem Jahr anzupassen. Sowohl Bürgermeister Georges Engel (LSAP), die Schöffinnen Nathalie Morgenthaler (CSV) und Simone Asselborn-Bintz (LSAP) als auch Gemeinderat Denis Bronzetti (LSAP) vertraten die Meinung, dass es darum ginge, neben den Vereinen, auch den lokalen Handel zu fördern. Es gebe ausreichend Geschäfte in der Gemeinde, jeder Verein brauche z.B. Esswaren und Getränke für Feste und man könne das Geld auch in Restaurants, Apotheken, usw. ausgeben. Was die Mindestlaufzeit betreffe, werde man dies an den weiteren Verlauf der Situation anpassen. Déi Lénk-Vertreterin Myriam Cecchetti zeigte sich begeistert von dieser Idee. Die Krise habe gezeigt, dass man umdenken müsse und mehr den lokalen Handel unterstützen müsse. Sie schlug aber vor, das Angebot nur auf die kleineren Geschäfte zu beschränken, da die großen Supermarktketten diese Hilfen nicht unbedingt nötig haben. Somit wurde dieser Punkt mit 12 Ja-Stimmen und 4 Enthaltungen seitens der déi Lénk und déi Gréng verabschiedet.

Die darauffolgende budgetäre Anpassung, die Festsetzung der Teilnahmegebühren für die Young Talents Week und der Eintrittsgebühr für das Autokino-Event, und 9 Abschlussrechnungen für diverse Projekte wurden wieder einstimmig bewilligt.

SICHERHEIT BEIM BOULODROME IN BELES-METZERLACH

Danach stellte Personalschöfфе Mike Lorang (CSV) 6 verschiedene Postenschaffungen vor. Unter anderem werden 5 Begleitpersonen für den Pedibus im Kader des Kannercampus Belval eingestellt. Anschließend wurden die Statuten der Letzprint asbl zur Kenntnis genommen. Dieser Verein hat während der Corona-Krise mit ihrem 3D-Drucker 18.000 "FaceShields" und über 48.000 "Maskstraps" produziert und gratis verteilt. Diese Aktivität will der Verein auch weiterführen.

Die FLBP (Fédération Luxembourgeoise de Boules et de Pétanque) und der Cercle Bouliste Belvaux-Metzlerach haben den Schöfferrat über Probleme auf dem Parkplatz und dem Multisport-Areal beim nationalen Boulodrome informiert. Vor allem abends fänden hier illegale Aktivitäten statt, trotz regelmäßiger Kontrollen von Polizei und dem Service Agent municipal. Nach einer gemeinsamen Unterredung mit den Boulodrome-Verantwortlichen, der Polizei und der Gemeinde, wurde unter anderem beschlossen, dass die FLBP eine Sicherheitsfirma beauftragen wird, die abends nach dem Rechten schauen soll. Der Polizei soll dann auch genau mitgeteilt werden, wann die Zwischenfälle vorkommen, so könne sie gezieltere Kontrollen durchführen. Die Gemeinde hat sich verpflichtet mehr Beleuchtung und Überwachungskameras zu installieren.

Außerdem solle das Polizeireglement der Gemeinde angepasst werden, um eine Altersbeschränkung einführen zu können. Das Betreten dieses Mehrzweckplatzes werde also auf Minderjährige unter 16 Jahren beschränkt, bedauerte Bürgermeister Georges Engel (LSAP).

Déi Lénk-Rätin Myriam Cecchetti bedauerte ebenfalls diese Entscheidung. Es sei schade, dass wegen einiger schwarzer Schafe, einem Großteil der Zugang zum Sportplatz verwehrt werde. Sie mache sich Sorgen, wo die Jugendlichen über 16 dann hingehen werden, wo sie eventuell sogar noch mehr stören. Bürgermeister Georges Engel (LSAP) bestätigte, dass man sich viele Gedanken gemacht habe, man aber keine andere Lösung momentan gefunden habe. Man gebe hiermit der Polizei mehr Handhabe. Falls sich die Situation verbessere, könne man die Altersbegrenzung auch wieder zurücknehmen.

FRAGEN AN DEN SCHÖFFENRAT

Die erste schriftliche Frage der déi Lénk-Fraktion, die von Gemeinderätin Myriam Cecchetti vorgetragen wurde, betraf die zukünftige Verwendung des Sanemer Schlosses. Schöffin Simone Asselborn-Bintz gab hierzu alle Antworten (siehe Seite 31).

Die zweite Frage an den Schöffenrat betraf die Diskussion um Wohngemeinschaften (WGs) in der Gemeinde Sanem. Hierzu gab Bürgermeister Georges Engel (LSAP) alle wichtigen Informationen (siehe Seite 33). Daraufhin folgte eine längere Stellungnahme von déi Lénk-Gemeinderat Jos Piscitelli (siehe Seite 35).

LSAP-Gemeinderätin Nadine Tornambé-Duchamp fügte dem im Anschluss hinzu, dass diese Diskussion auf nationale Ebene und nicht in den Sanemer Gemeinderat gehöre. Die Lebensqualität in den 4 Ortschaften der Gemeinde sei nicht zu vergleichen mit Großstädten. Die Gemeinde wolle das Konzept der Wohngemeinschaften unterstützen, aber auch einen guten Standard garantieren, deshalb müsse es Regeln geben.

Dann hatte Gemeinderätin Myriam Cecchetti (déi Lénk) noch einige kleinere Fragen an den Schöffenrat. Unter anderem fragte sie, ob in der rue de France in Beles mehr Polizeikontrollen durchgeführt werden können, da hier viele Autofahrer sehr schnell unterwegs seien und ob die Baustelle in der rue Dicks-Lentz in Beles übersichtlicher gestaltet werden könnte. Bürgermeister Georges Engel (LSAP) versprach diese Anfragen an die zuständigen Dienste weiterzuleiten. Bei ihrem letzten Anliegen handelte es sich um die Abbildung der Oppositions-Logos im kuerz & knapp. Sie werde nach der Sommerpause noch einmal im Detail auf diese Publikation zurückkommen, bat den Schöffenrat aber bereits jetzt schon darum das Ganze noch einmal zu überdenken.

Bevor in der geschlossenen Sitzung noch eine Personalangelegenheit und die Nachfolge des Bürgermeisterspostens und der neue Schöffe gestimmt wurden, folgte eine nicht sehr lange, allerdings stellenweise sehr emotionale Rede vom zurücktretenden Bürgermeister Georges Engel (LSAP).



The last dance.**Haut ass mäi leschte Gemengerot hei mat iech.**

Vill Gemengeréit hunn ech gesi kommen a goen (39 verschiddener, wann ech richteg gezielt hunn), Gemengeréit an Éierebuergermeeschteren, wou der eng Partie scho leider net méi énnner eis sinn.

Wou mer 2005 zu e puer Leit zesumme bei mir doheem am Roude Wee d'Walresultater aus eiser Gemeng gesinn hunn, huet meng Fra mech op d'Sait gezunn a mer gesot: „Et gesäit aus wéi wann s de kéints Buergermeeschter ginn, mee ech wéll dat net wierklech.“

D'Wale vun 2005 waren effektiv iwwerraschend fir vill Leit. D'LSAP huet 7 % baigett, war domat stäerkste Partei, d'CSV hat 7 % verluer. D'LSAP huet ee Sëtz baikritt, vu 4 op 5, an d'CSV verléiert een.

Meeschters hunn ech jo op meng Fra gelauscht, an dësem Fall awer net. Erhofft hat ech mer schonn eng Participatioun am Schäfferot, mee nee, ech hat mer dat Resultat esou virun de Walen 2005 net erwaart an ech hat och net drop gebrannt, fir Buergermeeschter ze ginn – iwwerhaapt net – mee duerch net ganz intelligent Machenschaft vu Féierungskräfte vun der CSV, war et fir de Robert Rings a fir mech séier kloer, dass mir wéilten an och sollten eng Koalitioun zesumme maachen, déi éischt rout – gréng Koalitioun an eiser Gemeng.

An dat war net esou einfach fir mech, wéi een dat hätt kënne mengen. Ouni iergendeng Schäfferotserfarung, leider och ouni Transitioun, déi mir et erméiglecht gehat hätt, d'Dossieren am Virfeld e bëssen anzugesinn, mat null Erfarung wat d'Gemengeféierung ugeet, hu mer d'Aarbecht am Schäfferot an Ugréff geholl, mam Marco, mam Dagmar a mam Rob.

An d'Begeeschterung war immens grouss, mir waren immens motivéiert an hunn och direkt eng ganz Rei vu Projeten ugepaakt, an an d'Weeér geleet. Dat war eng interessant, lériäich an immens spännend Zäit.

No 6 Joer Zesummenaarbecht koumen d'Walen 2011, wat excellent Wale fir d'LSAP waren, mat déi bescht déi mer jee hei an der Gemeng haten. De Schäfferot mat déi Gréng huet sech no de Walen aus dem Marco, dem Simone an dem Myriam zesummegesat. D'Art a Weis fir ze schaffen huet geännert mat deene Gréng, mee och hei hu mer eng ganz Rei vun determinante Projete fir eis Gemeng an d'Wee geleet an et ass vill geschafft ginn.

2017 hunn ech déi 3. Mandatsperiod konnten ufänke mat engem neie Partner an der Koalitioun, der CSV. De Schäfferot huet sech no de Walen zesummegesat aus dem Marco, mäin treie Wegbegleiter vun Ufank un, dem Simone an dem

Nathalie. Och hei hu mer no enger kuerzer Ulafzäit eise Rhythmus fonnt an hunn eng gutt Vitesse de Croisière opgeholl. De Koalitiounsprogramm ass ambitiéis a gutt fir eis Gemeng.

An no 3 Joer ass dann hei och elo Schluss an et huet näischt domat ze dinn, dass de Mike elo am Schäfferot ass, well och mat him verstinn ech mech ganz gutt, wéi och mat deenen anere Memberen.

An deene leschte 15 Joer ass vill geschitt an et huet sech vill, ganz vill geännert.

An et ass schonn interessant e klenge Réckbléck ze maachen, wat alles an deene 15 Joer realiséiert ginn ass:

- Personal: 274 à 660 Leit haut
(710 mat de CCDen, Apprentis, Remplaçants, etc.)
- 14000 Awunner op 17.600 Awunner
- Wou ech ugefaangen hunn, hat de Buergermeeschter an d'Schäffe kee Büro op der Gemeng
- Den Easy-Programm ass et net ginn, eng ganz Rei vu Prozedure waren inexistent
- Et stoung keen Haus um Belval, d'Stroosse ware mol nach net op, et war nach émmer „die verbotene Stadt“, bis den 10.11.2006, wou d'Stroossen opgaange sinn. Haut wunnen eleng um Belval ronn 1450 Leit.
- Nei Infrastrukture sinn entstanen:
 - de Kulturschapp (deen énnert dem Fred Sunnen geplangt gouf)
 - den Ausbau vum Boulodrome
 - dat neit Altersheem um Belval
 - eng nei Schwemm
 - en neien Turnsall
 - eng Modernisatioun vun der Turnhal an de Vestiairen um Scheierhaff
 - eng ganz Mise en conformité vum Scheierhaff
 - den Artikuss
 - eng nei Sportshal zu Suessem
 - 2 nei synthetesch Fussballterrainen
 - nei Vestiair fir de Fussball vu Bieles, Éilereng a Suessem
 - nei Raimlechkeete fir de CIGL
 - d'Renovatioun vun alle Schoulen aus der Gemeng (déi vu Bieles Post war scho renovéiert) an en neien Ubau un der Schoul vu Suessem
 - en neit Jugendhaus zu Suessem
 - eng nei Maison relais zu Zolwer um Scheierhaff
 - d'Iwwerhuele vun der Kannerbuerg asbl an eis Maison relais
 - den neie Centre de secours um Scheierhaff an d'Zesummeleeë vun de Corpse vu Suessem an Déifferdeng
 - eng nei Maison sociale
 - eng Epicerie solidaire

- eng Rei vu Bolzplatz
 - eng Pumptrackpist
 - vill Sozialwunnenge goufe kaaft oder sinn am Bau
 - Gemeinschaftsgäert zu Suessem an zu Bieles sinn entstanen
- An nei Servicer si geschaf ginn:
- De RASE gouf grénnnt
 - De Service Senior + ass grénnnt ginn
 - Mir hunn eis e Service des festivités an e Service logement ginn
 - Mir hu bal all eis Servicer personnel an infrastrukturell ausgebaut
 - Mir hunn eis Prozedure ginn an eis moderniséiert
 - De Gemengerot gouf ganz mat Computeren ausstafféiert an och soss hu mer eis e Service informatique gi fir mam digitalen Zäitalter matzehalen
 - Civil Begriefnisser goufe valoriséiert an och samschdes kann ee sech elo reegelméisseg op der Gemeng bestueden (iwwregens waren d'Begriefnisser an d'Hochzäiten déi emotionalt Momenter, déi ech hunn dierfen hei erliewen)

2006 hate mer 48 Milliounen Ausgaben, 2020 hu mer 132 Milliounen Ausgaben an trotzdem ass eis finanziell Situatioun nach émmer ganz gutt.

All des Projeten hunn ech natierlech net eleng gemaach, et war émmer d'Zesummenarbecht vu villen, déi dat hei méiglech gemaach hunn.

A mir haten oder hunn och eng Rei schwierig Dossieren, ech erënneren un de Contournement, de Bau vun der Maison d'arrêt, de Bau vun dem Centre de formation pour conducteurs, d'Sotelsleitung, den Dossier Knauf, d'Iwwerschwemmungen zu Suessem, a nach anerer.

23 Joer Gemengerot a 15 Joer als Buergermeeschter waren eng schéin Zäit an ech kann d'Gemeng verloosse mam Gefill, dass ech Mäint gemaach hunn. Ech hu mech mat menger ganzer Energie agesat fir des Gemeng a fir seng Bierger an ech hunn et gär gemaach an émmer am Sënn vun der Saach, nämlech émmer fir d'Leit, déi hei wunnen.

Dass bei déesen zéngdausenden Decisiounen (15-20 Decisioune pro Schäfferot, 2 Schäfferéit pro Woch an dat bei 35 Wochen, wann een d'Vakanzen ewechrechent, an dat 15 Joer laang) déi mir hei an der Gemeng geholl hunn och mol net esou gudden derbäi waren, ass kloer an ass och net verwonnerlech.

Si waren awer all am gudde Geescht geholl ginn a ni mat engem schlechten Hannergedanken. Dat hunn ech net u mir an dat, ginn ech gären zou, verdroen ech och net gutt, wann ee mir dat reprochéiert.

Jo, sécherlech huet d'duebel Mandat mam Fraktiounsresident als supplementar Charge dozou bäägedroe fir meng Decisioun hei opzehale méi séier ze huelen. Et war jo schonn eng Zäitche bekannt, dass ech mäi Mandat géing zur Verfügung stellen. An u sech wollt ech schonn den 20. Abrëll demissionéieren, sou hat ech et scho mam Simone beschwat, mee do koum d'Corona-Kris an ech wollt d'Gemeng net a sou enger schwiereger Situatioun verloessen. Nodeems dunn émmer méi kloer gouf, dass keng grouss Rassemblementer méiglech wieren a nächster Zäit a sou mäi Wunsch vun engem grousse Fest "in weite Ferne" gerutscht ass, hunn ech elo déi lescht Gemengerotssitzung virun der grousser Vakanz gewielt, fir opzehalen, sou dass och kee mer ka reprochéieren, nach an der Vakanz vu menger Indemnititéit zu profitéieren, a näischte schaffen, sou wéi béis Zongen dat jo scho behaapt hunn.

Mee ech verheemlechen iech och net, dass déi schlecht Manéier heibannen, net de Ball, mee de Mann ze spinnen, mech och dozou beweegt hunn, mäin Entschloss elo ze huelen. Sou mécht et mir kee Spaass méi. An ech wëll hei och net zur Zilscheif ginn, wou d'Persoun méi interessant a méi wichteg gëtt wéi d'Saach. Dat ass net richteg an och net gutt fir d'Gemeng. Dann halen ech léiwer op, fir dass et da méi sachlech diskutéiert ka ginn an dat ass och besser fir d'Gemeng.

765 Wochen, 5356 Deeg, vum 11. November 2005 bis den 11. Juli 2020, dat ass eng laang Zäit, an deenen an der Gemeng an a mengem Émfeld vill geschitt ass. Meng Kanner si grouss ginn, an dat leider vill ze oft ouni mech.

Et war eng schéin Zäit an ech wéilt se net mëssen.

Ech wéilt deene Leit Merci soen, déi mech op mengem Wee heibannen an dobaussen énnerstëtz hunn, mech begleet hunn an op déi ech ziele konnt.

Merci dem ganze Personal an der Administratioun, am ST, der Maison relais, dem REWA, dem Enseignement, eise konventionéierte Servicer, deenen anere Gemengen, de Ministèreen an deenen externen Associationen, Servicer, Organisatiounen a Firmen, mat deenen ech d'Chancen an d'Éier hat, zesummen ze schaffen. An zu gudden Lescht en décke Merci u meng Famill.

Ech maachen hei Platz fir eng nei, dynamesch Buergermeeschtesch, der éischter Fra op désem Posten an eiser Gemeng, engem neie jonke Schäffen an engem neie jonke Gemengerot. An ech maachen dat gär.

Quoique vous fassiez, faites-le bien.
Merci.

Georges Engel

Abschließend bedankten sich nacheinander die Gemeinderäte Chantal Faber-Huberty (déri Gréng), Schöffin Nathalie Morgenthaler (CSV), Marco Goelhausen (LSAP) und Patricia Speck-Braun (DP) im Namen ihrer Fraktionen für die jahrelange, gute Zusammenarbeit.

**Här Buergermeeschter,
léiwe Georges Engel,**

Ech wëll Iech am Numm vun der grénger Fraktioun e grousse Merci soen, fir déi bal 15 Joer wou Dir eis Gemeng ganz vir un der Spëtzt geleet hutt.

Jiddereen, dee schon aktiv an der Gemengepolitik war oder ass, weess, wat et u perséinlechem Engagement an Zäitinvestitioun bedeit, wann ee Verantwortung an engem Schäfferot dréit.

Dat zielt natierlech nach vill méi wann een d'Funktiooun vum Buergermeeschter an enger vun de gréisste Gemenge vum Land bekleet.

Dir stoungt an där laanger Zäit émmer an der éischter Rei an dat net ongär wéi mer unhuelen. Dat ass sécher flott, wann et gutt leeft, mee Dir hutt awer och de Kapp missten duerhalen, wann et net esou gutt gelaf ass, wat natierlech och éfters virkënnt.

A grad an esou méi onangeneeme Momenter kënnt et drop un, datt ee sech net ewech duckt, datt ee Réckgrad weist, datt een zu Positioune steet, déi vläit net jidderengem gefalen.

Esou ee Moment woar sécherlech de Bau vum Untersuchungsgefängnis um Uerschter Haff, wou Dir et mat Ärem deemolege Schäfferot färdeg bruecht hutt, datt de gesamte Gemengerot eng gemeinsam Positioun vertratt huet fir de Projet duerchzebréngen, och wann dat bei ville Bierger*innen net ganz populär woar. Mir wëllen elo net an eng iwwerdriwwen Lobhudelei verfalen.

Där hutt är Verdéngschter an de leschten Deeg a Wocher jo scho selwer mat Recht ervirgehuewen.

Mee mär wëllen eis awer gären all den anere Fraktiounen unzeschléissen an Iech e grousse Merci ze soen, fir déi vill Zäit an de grousse perséinlechen Asaz deen Dir an de leschte Joeren fir eis Gemeng gewisen hutt.

An och wann et natierlech net Åre Mérite eleng ass, datt eis Gemeng haut gutt do steet, an eng duerhaus attraktiv Gemeng ass, sou hutt Dir als Buergermeeschter sécherlech e groussen Undeel un där Entwécklung.

Wann Dir also haut houfreg op bal 15 Joer un der Spëtzt vun eiser Gemeng kënnt zréckkucken, sief hei awer och kuerz erlaabt mat engem klenge Clin d'oeil drun ze erënneren, datt et déi gréng waren, déi et Iech 2005 erméiglecht hunn fir mat enger rout-grénger Koalitioun an dës Positioun ze kommen.

De Merci fir Är Aarbecht hei an der Gemeng wëlle mer awer och mat eise beschte Wënsch fir Är wichtig Aufgab als Fraktiounsresident an der Chamber verbannen, eng Aufgab déi sécherlech all Är Kraift an Ären Asaz op deem Niveau brauch.

Zum Schluss wëlle mär awer och vun der Geleeënheet profitéieren, fir der zukünfteger Buergermeeschtesch, der Madame Simone Asselborn-Bintz eis Gléckwënsch ze iwwerbréngen, an hir eng glécklech Hand an hirer neier Aufgab ze wënschen.

Mär hoffen op eng gutt Zesummenarbecht an op e mënschlech respektvollen Ëmgang mateneen. Déi gréng wäerten och weiderhin hir Roll als Oppositiounspartei iwwerhuelen an dobäi émmer de Ball an ni de Mann oder d'Fra spillen.

Fir déi gréng Suessem,

Chantal Faber-Huberty
Gemengeréitin

**Här Buergermeeschter,
Här Député-Maire,
Léiwe Georges,**

Deen 1. Titel hues du 15 Joer laang gedroen, deen 2. während 8 Joer, nodeems du 2012 an d'Chamber nogeréckelt bass. An eigentlech has du nämmen téschent 2010 an 2012 d'Chance Vollzäitbuergermeeschter ze sinn.

Mär wëssen et alleguer heibannen an dobaussen, Deputéierten a Buergermeeschter sinn allen zwee een immens verantwortungsvollen an zäitintensiven "Job".

Wann een déi 2 wëll matenee kombinéieren, da bedeut dat ganz vill Aarbecht an Hin an Hir Gerenns. Wat awer doudsécher eng Saach vun der Onméglichekeet gëtt, wann een d'Aarbecht gewëssenhaft wëll maachen, dat ass wann een dann och nach zusätzlech Fraktiounspresident muss spilleren.

Dofir all Respekt fir deng weis Decisioun an alles Guddes an denger neier Funktioun, well och wann s du an enger anderer Partei bass, esou si mir awer zouversichtlech, dass du dech och weider an der Stad fir d'Bierger aus eiser Gemeng wäerts asetzen.

An eise Reie sinn zénter de leschte Gemengewalen 3 nei Leit bääkomm, mä de Mike LORANG ass zénter 1999 an ech zénter 2003 scho mat där zesummen am Gemengerot.

A mär hu bal all méiglech Konstellatiounen duerch:

- d'CSV op der Majoritéitsbänk an d'LSAP an der Oppositioun
- d'CSV an der Oppositioun an d'LSAP an der Majoritéit
- an elo si mär zesummen an der Majoritéit.

Ech ginn elo net erëm op all deng Meritten an déser laanger Zäit an, dat hues du selwer scho gemaach. Wat mär/eis wichtig ass ze soen: an all deene Joren hu mär heibannen émmer konstruktiv zesummen un engem Strang gezunn, egal ob mir an der Oppositioun oder Majoritéit souzen. Mär haten émmer eng gutt mënschlech Harmonie, et ass eis all émmer ém d'Saach gaangen, d.h. fir dat Bescht fir eis Bierger.

Et ass zu 99% émmer de Ball an net de Mann gespillt ginn. Leider ass dat zénter de leschte Gemengewalen net émmer méi esou de Fall an dat bedauere mär och.

Eng kleng Schäfferot-Anekdot zum Schluss: de Georges huet jo sécher e puer Qualitéiten, mä mol op mannst eng grouss Schwächt, déi eis alleguer bekannt ass. Hien huet e bëssen, e bësse vill, Schwieregkeete pünktlech ze sinn! Dofir hu mär am Schäfferotssall e Spuerschwéngchen opgestallt, wou jiddereen da muss 1 €, fir all Minutt wou en ze spéit kënnt, erageheien. Virun der grousser Vakanz sollten d'Sue vum Schwäin da bei e gemeinsamt Iesse bäigeluecht ginn a well et eigentlech

praktesch exklusiv de Georges ass, deen dëst Schwéngche fiddert, huet hien einfach decidéiert näischt méi eranjegeheien, mä eis einfach direkt op een Iessen z'invitéieren.

Mär soen elo scho Merci fir dat wat dann deemnächst nach an Aussiicht steet.

Dat gesot, wëll d'CSV därf Merci soe fir all déi Stonnen déi's du an eis Gemeng gestach hues an och Merci soe fir alles wat's du an deene 15 leschte Joer fir eis all geschafft hues. Genéiss deng gemengepolitesch Pensioun a mär wënschen därf alles Guddes op dengem weidere Wee.

An dann nach ee klengen interne Sproch zum Schluss: Addi, Merci an Ciao!

Nathalie Morgenthaler
Schäffin (CSV)



Vum klenge Georgie zum grousse Georges

Jo, esou hunn ech, als deen, mëttlerweil an eiser Fraktioun mat deene meeschte gemeinsame Joren an der aktiver Politik, meng kleng Laudatio iwwerschriwwen, fir de Georges Engel (haut), leider an Zäite vun engem ganz spezielle Weltkrich, an der Funktioun vum Buergermeeschter, am Numm vun der LSAP ze verabschiden.

Als Fervent vun Historiquen erlaben ech mir kuerz auszehuelen an an d'ufanks 8oer Joren zréckzegoen, wou ech mech éiweg un déi Zeen erénnere wäert, wou ech hien déi 1. Kéier richteg memoriséiert hunn.

Et war am haitege Sportikuss um Scheierhaff, wou deemools eng Prouf stattfonnt huet fir de Concert vun de 4 Gemengemuseken deen aneren Dag ze préparéieren. Ech war amgaange mäi Pult a mäin Instrument opzeriichten op déier Säit wou d'Bieleser Musek virgesi war. Ob eemol kënnt esou ee jonke Spunt duerch de ganze Sall bei mech gelaf an e sot zu mir: „Hey, ech sinn de Georgie Engel vun Zolwer“. Hee war beandrockt, dass ech a mengen deemools eigentlech nach jonke Jore scho géif Bass spillen, wëll dat déi Zäit meeschtens deene méi ale Päitteren, wéi z.B. dem Georgie sengem Daddy, dem Engels Mars, virbehale war. Kannt huet hie mech deemools warscheinlech och doduerch, dass ech mat sengem Brudder zesummen an der Infirmièresschoul war.

Bei Museksevenementer an der Gemeng an op Baler si mir eis dono méi oder manner reegelméisseg iwwer de Wee gelaf, bis nom Desaster fir d'LSAP bei de virgezunne Wale vun 1997, d'Relatioun mat him definitiv méi intensiv ginn ass.

Aus dem Georgie war mëttlerweil ee Georges ginn, dee schonn eng Rei Jore politesch aktiv war an déi Situatioun vun 1997 esou net op sech sëtze wollt loassen, wëll „eng Nidderlag erdroen“, dat ass dem Georges senges näisch, zemoools wann et ém seng fundamental Iwwerzeegunge geet.

Hien huet deemools de „Lead“ iwwerholl fir nei Leit ze siche mam Objektiv seng Partei esou séier wéi méiglech erëm an d'Gemengeverantwortung ze féieren. Dat a „senger“ Gemeng, an déier hien zu Zolwer opgewuess war, wou hien dagdeeglech intensiv Kontakter gefleegt huet mat senger grousser Famill, bestoend aus ville Familljemberen, aus Frénn a Bekannten aus der Population sou wéi aus de Kultur- a Sportsveräiner.

Ee Mann vum Vollek oder anescht gesot, ee Georges firdeen d'Vollek och nach haut ewéi eng grouss Buedbidden ass an déier hie sech gären tummelt.

Esou huet, virun allem hien, mech an aner Komerode motivéiert, matzehëlfen de Stéier bei den Haaren ze paken an no „enger“ Mandatsperiod an der Oppositioun, 2005 de Spiiss émzedréinen an erëm aktiv politesch Responsabilitéit an der Gemeng Suessem ze iwwerhuelen.

Eng nei gemeinsam Ära fir de Georges an eis Equipe, speziell och fir mech perséinlech wëll ech iwwer 18 Joer, dovu 14 vu bal 15 Joer am Schäfferot, intensiv hunn dierfe mat him zesumme schaffen. Eng speziell Situatioun och wëll grad an déier Period de neie Quartier Belval aus dem Äerdbuedem gestampft ginn ass, wat Neiland fir jidderee war, nieft der Weiderentwecklung vun deene 4 Uertschaften aus der Gemeng Suessem. Ënnert dem Georges Engel si vill nei Akzenter gesat ginn a vill Innovatives

ass realisiert ginn an dëst net némmen um reng materielle respektiv infrastrukturellem Plang, mä och um funktionellen a gesellschaftlechem Niveau.

Hien huet dat Ganzt mat grousser Wäitsiicht gemanaged. Dat Wuert „ech“ fënnt een net oft a sengem Sproochgebrauch. Hien iwwerzeegt éischter duerch seng Doten.

Hien ass émmer oppe gewiescht fir de Leit nozelauschteren a ggf. och seng eegen initial Meenung ze revidéieren. Hie ka bei Bedarf ganz gutt zeréckrudderen.

De Mensch an dat Tëschemënschlecht hu fir de Georges Engel eng enorm Bedeutung. D’Problemer vun de manner bemëttelte Leit loessen hien net kal, a perséinlech sinn ech och ganz frou, dass hie lernfähig a kompromëssbereet ass an émmer erëm en oppent Ouer hat wann ech him meng gewerkschaftlech Positiounen méi no bruet hunn. Och doduerch hu mir eis sécher a verschiddenen Dossiere ganz anescht positionéiert ewéi aner Gemengen.

Hie kann awer och ganz konsequent sinn, wann et si muss, an hien sech ior Prozent sécher ass, mat senger Positioun.

Hien ass och net esou séier aus der Rou ze bréngen, och net an die schwierigesten Diskussiounen. Ech ka mech eigentlech némmen un „eng“ eenzeg Situatioun erënneren, wou hie „richteg“ aus der Kësch gesprongen ass.

Do hat ech zwar de Pech just téschent him a sengem Widdersacher ze sëtzen. Ech war esou erféiert, dass ech de Kapp emol net méi mat Zäit téscht d’Schëlleren eranzéie konnt.

Jo, aus dem klenge Georgie ass mëttlerweil ee grousse Georges ginn, deen och um nationale Plang aktiv ginn ass a grouss Verantwortung iwwerholl huet.

Georges, du bass ee super Kärel an deng Parteikomerode bréngen Där grousse Respekt entgéint a sinn iwwerzeegt, dass Du och um nationalen Niveau mat dengem Asaz an der Zukunft nach Villes zum Wuel vun dësem Land wäerts mat op d’Schinne setzen.

Mä virun allem gi mir där eppes mat op de Wee: bleif wéi’s du bass!

Merci.

Marco Goelhausen
fir d’LSAP

Här Buergemeeschter,

Als ehemoleg a laangjäreg fräischaffend Mataarbechterin vum Lëtzebuerger Journal hat ech virun geneéé 20 Joer, d’Geleeënheit Iech als Gemengerotsmember besser kennen ze léieren.

Wéi ech am Joer 2008, d’Mandat vum DP Conseiljeeë Armand Hoffmann iwwerholl hunn, hat ech d’Éier vun Iech, Här Buergermeeschter, als Gemengeréitin vereedegt ze ginn.

Vill Projet’en, sief där Spektakulärer wéi d’Realisatioun vum neien Quartier BELVAL op de Frichen oder manner Populärer, hutt Där an ärer 15 jähriger Roll als Gemengepapp émgesat.

Och wa mer net émmer enger Meenung waren, esou hate mer vill ureegend an interessant Diskussiounen. Nichts desto Trotz hu mer als DP villes wat am Gemengerot gestëmmt gouf, matgedroen.

Ech soen Iech Merci fir dat flott Schaffen aus deenen vergaangenen 20 Joer, sief et als Journalistin wéi och als Gemengeréitin.

Am Numm vun der DP Fraktioun wënschen ech Iech an ärer Funktioun als Fraktionspresident souwéi an der Chamber vill Erfolleg fir d’Zukunft.

Patricia Speck-Braun
DP



Audiodatei der Gemeinderatssitzung

WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2020

kuerz&knappe.

